Moto Travel Luxembourg

## 1914 / 1918 Argonne

## Dép.08:30 Esch/Alz 19 Juli 2026

## 410KM XL Tour

E flotten XL Dagestour mat vill Fotostoppen a sportleche Momenter zu Fouss.

Geschwënn 110 Joer hier, nach ëmmer sinn Zeie aus der Zäit iwerëch wei wann d'Zäit deels stoe bliwwe wier. Original Däitsch a Franséisch Schützegrief nëmmen e puer Meter vun eneen ewech. Bunker, Minièren, Explosiounstriichter, Reservistelager.

Loosst iech iwwerraschen iwwert déi Zäitrees an déi Landschaft.

Den Tour mat ronn nëmme 400 km, wäert laang daueren, duerch eng Rei vun Trëppel a Foto stoppen. Also net nëmme gutt Motorradstiwwelen undinn, mee der wou der och nach gutt kennt dra goen.

D'Mëttegpaus wäert keng sinn éischter **Picknick** dee jiddweree selwer muss mathuelen.
**Denkt och u genuch Gedrénks matzehuelen**!

Op der Tour si just 3 Uertschafte wou eng Tankstell ass! Déi **éischt Tankstell <<200km>>**

Also kuckt am viraus, dass et mam Sprit duergeet. Ech hëllefen NET drécken

Hei e puer Punkten zum Tour: Batterie de Duzey, Fleury-devant-Douaumont, Romagne-sous-Montfaucon, Montfaucon, Butte deVauquois, Ravin du Génie, Lachalade, (Camp Moreau?), Main de Massiges, Sainte-Menehould, Moulin de Valmy (1792) Mémorial de la Voie Sacrée

Wann mir erëm zu Lëtzebuerg si géife mir da gemittlecht Owes Iesse goen.

**Resto** um. Kierchbierg >> (Fari & Nella 19:45 /20:15) << Dowéinst och d'Umeldungfrist, och déi déi net mat gefuer si kennen sech wei ëmmer umelle vir mat an de Resto ze goen.

**Treffpunkt Esch-sur-Alzette op der Aral Tankstell -**
**178 Rue de Luxembourg, / bd. Aloyse Meyer - vis á vis vun der Kierch**

**Abfahrt vollgetankt Pünktlech um 08:30**

Wa Froe sinn: iwwert Whats App oder iwwert Mail mtl.info.patrick@gmail.com